N°7784
Entrée le 17.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch, Sam TANSON, op d'parlamentaresch Fro N° 7784 vum 16.03.2023 vum honorabelen Deputéierten, Sven CLEMENT, iwwer d'Recht op Privatsphär**

Déi genannten Handlungen sinn nët vum Gesetz iwwert de Schutz vum Privatliewen ofgedeckt an och d'Recht op d'eegë Bild spillt net wann déi betraffe Persoun net selwer op de Fotoën z'erkennen ass.

Et ass nët virgesinn eng spezifesch gesetzlech Protektioun fir esou Fäll anzeféieren. Et ass den Ament awer schonn duerchaus méiglech eng zivilrechtlech Aktioun op Basis vun den Artikelen 1382 an 1383 vum Code civil anzeleeden, am Fall wou eng betraffen Persoun e Schued duerch esou eng Handlung erlidden hätt.

Lëtzebuerg, den 17 Abrëll 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson